# VORWORT
## PRÉFACE



**Neijoerschreceptioun den 8. Januar 2023 am Syrkus zu Rued-Sir Ried vum Buergermeeschter**

### Léif Leit,

Et ass mir, mam Schäffen- a Gemengerot, eng grouss Freed Iech, haut den 8. Januar um Neijoerschpatt vun der Gemeng Betzder am Syrkus, alleguer zesumme kënnen ze begréissen.

Léif Leit, déi lescht Neijoschréceptioun läit schonn 3 Joer zeréck, den 5. Januar 2020. Zënter hir ass vill an eiser Gemeng ënnerholl ginn.
An der Schäfferotserklärung vun 2017 hu mir Iech, en Iwwerbléck verschafft iwwert all wichteg Actiounen a konkret Projeten déi mir eis an dëser Mandatszäit virgeholl hunn ze realiséieren.
Dësen Neijoerschempfank deen de leschte vun der aktueller Mandatsperiod ass, gëtt eis d' Geleeënheet e klenge Bilan iwwert déi geleeschten Aarbecht an déi zukünfteg Projeten ze ginn.

Mat vollem Élan hu mir versicht eis Gemeng fit fir d 'Zukunft ze maachen. A mat eiser Zukunft hu mir ugefangen, d' Wuel vun eise jéngste Bierger, eise Kanner, louch eis besonnesch um Häerz. Mat der Realisatioun vun der Liser Étude iwwert d 'Qualitéit vun eiser Maison Relais huet sech séier erausgestallt, datt 87% vun eisen Elteren mat der ugebuedener Betreiung zefridde sinn. D'Resultat vun dëser Étude huet eis och bestätegt datt eis Handlungen déi mir am Virfeld getätegt haten richteg waren; nämlech de Bâtiment Annexe der MR ganz zur Verfügung ze stellen, an de Schoulklassen

**Réception de nouvel an, dimanche, le 8 janvier 2023 au Syrkus à Roodt/Syre - Discours du bourgmestre**

### Chers toutes et tous,

J'ai le grand plaisir de vous souhaiter, ensemble avec les membres du conseil communal, la bienvenue à la réception de nouvel an de la commune de Betzdorf.

La dernière réception de nouvel an a eu lieu le 5 janvier 2020, il y a donc 3 ans. Depuis-lors, beaucoup a été entrepris dans la commune.
Dans la déclaration du conseil échevinal de 2017, nous vous avons fourni un aperçu de toutes les actions importantes et de projets concrets que nous avons décidé de mettre en œuvre au cours de notre mandat.
Cette réception de nouvel an, la dernière du mandat en cours, nous donne l'occasion de faire un bilan sur le travail accompli et les projets à venir.

Nous avons essayé de préparer la commune pour l'avenir avec dynamisme et enthousiasme.
Nos citoyens les plus jeunes et les enfants qui nous tiennent particulièrement à cœur représentent notre avenir. Grâce à l'étude « Liser » au sujet de la qualité de notre structure d'accueil, il s'est rapidement avéré que 87% des parents sont satisfaits des services d'encadrement. Le résultat de cette étude nous a confirmé que les actions entreprises auparavant étaient correctes ; à savoir la mise à disposition du « bâtiment annexe » à la maison relais et

LISER
LUXEMBOURG INSTITUTE OF SOCIO-ECONOMIC RESEARCH






et ze erméiglechen nees zeréck an hiert Gebai ze wiesselen an sou nees besser mateneen schaffen ze kënnen.

Eng aner Étude huet eis bestätegt, datt einstweilen nach genuch Plaz an eiser Grondschoul an de kommende Joeren wäert sinn. Mir mussen awer virsichteg bleiwen an à moyen Terme, deemno wéi eis demographesch Entwécklung weidergeet, drun denken eis Schoul vläicht ze vergréisseren. Dat ass kee Problem well zum Schoulhaff hin nach Plaz ass fir e Modul vu weideren 6 Klassesäll ze bauen wann et dann noutwenneg sollt ginn.
Mat der Maison Relais ass et anescht, direkt hu mir gemierkt datt fir eis Jéngste Kanner vun 3 Méint bis 3 Joer nei Raimlechkeeten musse gebaut ginn. Houfreg si mir alleguer iwwert de Pilotprojet vun der neier Crèche déi d'nächst Joer wäert fäerdeg ginn an nom Prinzip vun der Kreeslafwiertschaft gebaut gëtt.

de permettre aux élèves de retourner dans le bâtiment scolaire et ainsi de pouvoir mieux collaborer.

Une autre étude nous a confirmé qu'il reste encore suffisamment de places à l'école fondamentale pour le futur. Cependant, nous devons rester prudents et prévoir à moyen terme un agrandissement éventuel de l'école en fonction du développement démographique. Cela ne poserait aucun problème, car la cour de l'école dispose encore assez de place pour la construction de 6 salles de classe supplémentaires si cela s'avérait nécessaire.
Pour la maison relais c'est différent, on s'est tout de suite rendu compte que pour nos plus jeunes, nos enfants de 3 mois à 3 ans, de nouveaux locaux doivent être construits. Nous sommes tous fiers du projet pilote de la nouvelle crèche, qui s'achèvera l'année prochaine et qui sera construite selon le principe de l'économie circulaire.



*Projet vun der neier Crèche zu Ruer-Sir*
Projet de la nouvelle crèche à Roodt/Syre

